

Dir informéiert Är Bierger iwwert

Energie- an Ëmweltthemen

a sammelt Punkten am **KlimaPakt**

Dem Bierger Energie- an Ëmweltthema méi no bréngen!

Dëst kënnt Dir ab elo maache mat eisem neie Projet, deen lech souwuel Kommunikatiounsmaterial, wéi och praktesch Aktivitéite liwwert.

Flott opbereeten Informatiounsmaterial a Form vun enger **Infographik!**

All Mount gëtt een anert Thema ënnert d'Lupp geholl. De Januar geet et lass mam Thema "Wéi kann ech Geld aspuere wann ech richtig hëtzen?". Wéi sech dëst presentéiert fannt Dir an der Annex.

D'Infographik kënnt Dir mat eegenem Gemengen-Logo bei eis ufroen an iwwert verschidden Kommunikatiounskanäl notzen:



Gedrëckte Versioun:

Am Gemengebuet, als Poster fir an de Schoulen, Gemengegebaier oder um Busarrêt respektiv am Bus, als Flyer fir auszeleeën, asw.



Digital Versioun:

Ob Ärer Internetsäit oder a verkierzter Form iwwert Äre Facebook-Site oder Ären SMS-to-Citizen Service.

Déi Digital-Versioun vun der Infographik ass fir Member-Gemenge vun der EBL gratis. Net-Member-Gemenge bezuele fir déi 12 Infographiken (eng fir all Mount iwwert ee Joer) zesumme 500 Euro.

De Gemengen-Logo gëtt an de Layout integréiert.

De Projet leeft am Januar 2017 un an zitt sech iwwert 12 Méint. D'Infographik mat dem zousätzlechen Informatiounsmaterial gëtt iwwert d'Joer verdeelt publizéiert, dëst spéitstens ee Mount am Viraus. Hutt Dir de Start verpasst, ass dëst kee Problem. Dir kënnt zu all Moment ob den Zuch mat opsprange, wëll d'Dokumenten net zäitlech begrenzt sinn. Eng Publikatioun an Ärer Gemeng vum Mäerz 2017 bis Februar 2018 ass deemno duerchaus méiglech.

Inspiratioun fir d'Kommunikatioun iwwert déi sozial Medien!

Maacht Thema vum Mount och an de soziale Medie präsent. Mir weise wéi et geet a liwweren Iddien a Material.

Aktivitéiten, Ausflug a Gewinnspiller!

Ee mol am Mount organiséiert d'EBL eng Aktivitéit zum Thema. Hei kënnen sech Är Bierger aschreiwen a matmaachen. Mir liwweren d'Informatiounsmaterial a këmmere eis em d'Organisatioun. D'Gemeng iwwerhëlt d'Käschten (falls der ufalen) pro Bierger, deen sech fir d'Aktivitéit aschreift.

Weider liwweren mir Ureegungen a sammele Kontaktdate fir aner Aktivitéiten zum Thema ze organiséieren.

Wann Dir vun dësem Service profitéiere wëllt, da mellt lech bei eis! Mir schécken lech déi néideg Informatiounen an Dokumenter. An der Annex fannt Dir déi konkret Ëmsetzung vun dësem Projet fir de Mount Januar.

- Ab dem 1. Januar 2017
- 12 Infographiken
- Tipps an Iddien fir déi sozial Medien
- 1 Aktivitéit / Mount
- Gratis fir EBL-Membergemengen



Umweltberodung Lëtzebuerg (EBL) a.s.b.l.

Telefon: (+352) 2478 6831

E-Mail: info@ebl.lu

Internet: www.ebl.lu

Infographik mat Gemengen-Logo

Dës ka verschidde genotzt ginn:
Am Gemengebuet, als Poster, als Flyer oder op der Internetsäit vun der Gemeng!

FEBRUAR

OUNI STREESALZ DUERCH DE WANTER!

SCHNÉI SCHÉPPE MÉCHT FIT!

D'SCHÉPP
D'Schépp soll lücht a stabil an de gekrëmmte Still laang genuch sinn, fir sech net bëcken ze mussen. D'Gréisst häntk vum Asazweck of. Bei weíneg Schnéi hëlleft e Schnéischleiber. Bei vill Schnéi gëtt d'Drecken awer ze schwéier. Hei kënnst d'Schnéischépp zum Asaz, mat där ee méi kleng Quantitéiten unhieft an ewechgeheet.

TECHNIK
Beim Oplueden an d'Knéie goen an de Réck richt halen. D'Kraaft kënn aus den Uewerschenkel. Beim Ewechgeheet vum Schnéi soll d'Dréibewegung net aus dem Réck kommen.

UFANK VUN DER AARBECHT
Wa méiglech direkt nom Schnéifall, wann dese nach labber do läit.

EELER LEIT
Hëlleft eeleren oder bewegungsageschränkte Leit beim Schnéischéppen.

ALTERNATIVEN ZUM STREESALZ

DE RICHTEGEN BUEDEM-BELAG VIRGESINN
Onversigelte, knubbelege Belag ass manner rutscheg a léisst d'Schmëlzwasser asickeren, wat och d'Äisplackebildung verzeéngert.

ANTIRUTSCHMATTEN
Gewieftte Matten aus Naturfaser, Metall- oder Gummigitter mat Lächer oder Naturmaterialien (z.B. Dännnäscht) ginn zousätzlechen Halt.

KRÄSI, SAND & SPLITT
Rutschhemmend Stroommittel sollen direkt nom Schmëlze vum Schnéi erëm opgeraf a fir de nächsten Asaz ewechgeraumt ginn.

WISOU STREESALZ VERMEIDEN?

DÉIEREN
Entzündungen a Verdauungsproblemer duerch Oflecke vun de Patten.

MATERIALSCHUED
D'Salz gräift Uewerfläche vu Gebaier a Gefierer un.

GROND- & FLÉISSGEWÄSSER
D'Salz verzeéngert d'Waaserqualität a schuet de Waaserorganismen.

BUEDEM
D'Salz schiedegt Buedemorganismen a -liewewiesen.

FLORA
Planze gi méi ufälleg géint- iwwer Krankheeten a stierwen am Extremfall of.

Gewënnspill



Ebl  **ÉDITEUR**
www.ebl.lu
info@ebl.lu
(+352) 2478 6831

Sensibiliséieren

och iwwert déi sozial Medien an den SMS-Déngscht

Dës knapp Informatiounen kënnen Dir bequem iwwert Äre Facebook-Site oder Ären SMS-Verdeeler un Äre Bierger schécken. Dëst ass komplementär zur Infographik am Gemengebuet ze nutzen. Sou wëssen d'Bierger an Ärer Gemeng, dass dës Mount d'Thema Hëtzen an der Gemeng am Mëttelpunkt steet.

❖ "Duerch richtig hëtze Geld aspieren! – 16°C am Schlofzëmmer ass net nëmmen ideal fir e gudde Schlof, et spuert och nach iwwerflësseg Energie!!"

+ Bild mat Ausschnëtt aus der Infographik



❖ "Duerch richtig hëtze Geld aspieren! – Den Heizkierper muss fräi sinn, fir dass e richtig funktionéiert!"

+ e witzegt Bild (opgepasst op d'Auteursrechter)



❖ "Duerch richtig hëtze Geld aspieren! - Wéi funktionéiert eigentlech een Thermostat?"

+ Infographik vun co2online gGmbH

→ Link: <http://www.co2online.de/energie-sparen/heizenergie-sparen/thermostate/heizungsthermostat-funktionsweise/>

oder dëst Bild: <http://www.stromtip.de/rubrik2/14621/2/Die-richtige-Raumtemperatur.html>

❖ "Duerch richtig hëtze Geld aspieren! - Wéi entlüften ech meng Heizung?"

+ Video wou gewise gëtt wéi et geet. Dës Video kann vum Gemengentechniker sëlwer gemaach ginn (dëst ass schonn eleng flott, fir de Kontakt mam Bierger ze stäerken) oder Dir notzt ee bestoenden Video wéi zum Beispill dësen:

https://www.youtube.com/watch?v=gj5j5_N7zyw

❖ "Duerch richtig hëtze Geld aspieren! – Mat 1°C manner hëtze spieren ech 6% vu mengem Heizkäschtchen!"

+ D'Infographik vum Institut für Wärme und Oeltechnik e.V

<http://www.heizsparer.de/spartipps/heizkosten/richtig-heizen-und-lueften>

Verschiede Kommunikationskanäl notze fir spezifesch Zielgruppen ze erreichen!

Aktivitéiten an Ärer Gemeng

All Mount organiséiert d'EBL eng Aktivitéit zum aktuellen Thema. Am Januar ass d'Thema "richteg hëtzen". Mir ginn interesséierte Bierger d'Méiglechkeet ze entdecken, wéi déi Wäermt, déi si an hirem Haus notzen, entsteet. Well nëmmen den informéierte Bierger ass e responsabele Bierger!

Dir wëllt sëlwer eppes organiséieren? Hei fannt Dir weider Iddien:

❖ Visite vun enger Biogasanlag

Kontakt: Biogasvereenegung

Adress: Houschterhaff 1; L-9458 BRANDENBOURG

Tel.: (+352) 661 347 501

Internetsite: <http://www.biogasvereenegung.lu/home/home/design-home/fr/>

❖ Virtrag "Sue spueren duerch richteg hëtzen?"

Wéi funktionéiert meng Heizung eigentlech – wou a wéi kann ech Energie a Suen spueren? Vum Brennkessel bis zum Heizkierper. Dës Info-Veranstaltung ka vun engem Gemengentechniker gehale ginn oder vun engem externen Expert.

❖ Gewënnspill zum Thema richteg hëtzen:

D'Gewënnspill kann zesumme mat der Infographik am Gemeindebuet annoncéiert ginn oder iwwert den Internetsite, de Facebook-Site oder SMS-System ugekënnegt ginn. Sot de Leit wéi se matmaache kënnen (iwwert FB, SMS, E-Mail, Post, etc.)

Méiglech Froen:

- Schéckt eis Äre Joresgasverbrauch & d'Unzuel u Persounen an ärem Stot. De Ménage mam niddregste Pro-Kapp-Verbrauch gewënnt eise Präis!
- Schéckt eis e flott Beispill, wéi dir den Energieverbrauch an Ärem Haus reduzéiert hutt.
- Dir hutt Ären Energieverbrauch reduzéiert? Schreift eis ëm wéi vill. Déi stäerkste Reduktioun gewënnt!

Méiglech Präiser:

- Thermometer fir an d'Wunneng ze hänken
- Gratis Berodung / Ënnerstëtzung bei der Astellung vum Brennkessel bzw. Kontroll a Kallibratioun vum Heizsystem am Haus.
(D'Gemeng géif an dësem Fall d'Käschte fir een Expert iwwerhuelen)

Opgepasst: Bei esou enger Aktivitéit ass et virun allem wichteg, d'Resultat ze kommunizéieren!

Bei der Aktivitéit → E kuerze Fotobericht, deen och um Internetsite oder am Gemeindebuet ka publizéiert ginn! (Wat gouf gemaach, wien war dobäi, wéi huet et de Leit gefall (vläicht e klengen Interview), etc.

Beim Gewënnspill → Wien huet wat an aus wat fir engem Grond gewonnen. Dëst kann ee mat flotte Fotoen ënnerleeën!



Plange vun der Aktivitéit an dëst matzäiten annoncéieren!



Firwat net de Gemeindebus fir den Transport notzen?



Visite a praktesch Vermëttlung vun Informatiounen



Interview mat de Participanten – wat war gutt, wat huet gefeelt?



Bulletin vun der Aktivitéit an dëst no baussen droen – Fotoë net vergiessen!